PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 147

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 08:45, 17/11/2020

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn mat der Regierung wéilt ech dem Xavier Bettel eng mëndlech Fro stellen.

De 6ten November huet de Greco (Group of States against Corruption) säi Rapport de Conformité fir Lëtzebuerg virgestallt. Am Rapport hält de Greco fest, dass Lëtzebuerg nëmmen 8 vun deenen 21 proposéierte Recommandatiounen ëmgesat huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Ginn déi 4 Recommandatiounen (Reegelung vum Kontakt mat Lobbyisten, zoustänneg Autoritéiten am Fall vun enger Infraktioun vun engem Minister,...), déi laut Greco nach guer net ëmgesat goufen nach vun der Regierung an Ugrëff geholl?

Wann jo, huet d'Regierung ee konkrete Plang, wéini dës Recommandatioune sollen ëmgesat ginn?
Wann nee, firwat ginn dës Recommandatiounen net ëmgesat?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député